D'Lidd vum Zwangsrekrutéierten (*1920-1927)

1. De Jong war 20 Joer al
Du koum de Preiss an d'Land
Dem Jong, deem gouf et baang a kal,
Hie war bal nach e Kand.
Du sot de Preiss: Hëpp, of mat dir,
Du bas gutt fir an d'Front,
Mir brauche vill dees Fudder vir,
Marsch, marsch! an hal de Mond.
Sieg! Heil!

2. De Jong, dee war ganz iwwel drun,
E wousst net méi wouhin,
Et huet en hin an hir gezunn.
E Preiss wollt hien net sinn.
E wousst net, wéi et gaangen ass,
Scho stong e vir am Dreck,
Et war geschitt, et war geschass,
Vill Jonge si gevreckt.
Sieg! Heil!

3. Hie koum a Polen, an d'Tschechei
A Lettland an op d'Krim,
Hie war an Afrika derbäi
En zitt sech un de Rimm.
Vill aner déi hunn sech verkroch,
Duer an en däischtert Lach,
Si hu gelidden nach an nach
De Preiss ass net gewach.
Sieg! Heil!

4. Muench Kugel, déi huet him gepaff
Laanscht d'Oure ganz nobäi,
Duerch Zoufall gouf hien net getraff,
Säin Noper krut de Bläi.
De Krich gong riwwer, hie koum heem
Vill krank u Leif an Häerz.
Keen hat 't gegleeft a kengsten Dreem,
Séng Mamm, déi brennt eng Kärz.
Sieg! Heil!

5. D'Land war vu Patriote voll,
Si hunn e schiel bekuckt,
Vill hunn e fir e Preiss geholl,
Hien huet sech rëm geduckt.
Eis Jongen, déi hunn sech du fond,
Si hunn hiert Recht verlaangt.
De Preiss bezuele sollt séng Schold,
Hien hat sech jo vergaang.
Sieg! Heil!

6. Do, Jongen, dir wäert lo gesinn,
Sou sot dunn all Partei,
Loosst eis emol um Rudder sinn,
Da geet är Saach an d'Rei.
Déi Schwaarz, déi Blo, déi Rout, déi Giel,
Si hunn et all versprach,
Mer haten se do an der Wiel,
Herno war alles Brach.
Sieg! Heil!

7. En zame Preiss, dee bréngt dunn nach
E Gielche fir op d'Broscht,
An ee Stéck Ham a Kiermeskoch,
" Nee Mensch, dass ich nicht lach! "
An d'Jore sin eriwwer gaang,
D'Jonge si manner ginn.
Dee leschte Jong huet sech erhaang,
Am Jor zweedausend zéng!
Sieg! Heil!

1 Stëmm: Zwangsrekrutiertenproblem! .....
gelöst!

Kompanie!
Rechts um!
Im Laufschritt, marsch, marsch!
Links zwo, links zwo, links zwo, links zwo ...

René Weimerskirch (1921-1985)